Léif Tennisfrënn vu Miersch an Ëmgéigend,

De Comité, dee säit 2021 d'Geschécker vum Tennis Club Miersch leet, ass houfreg iech matdeelen ze kënnen, dass och dëse Wanter Tennis zu Miersch gespillt ka ginn. Jo, richteg, dëse Wanter ass et méiglech vun **Oktober bis Abrëll** Tennis an der Mierscher Geméng ze spillen, an dat op eiser aktueller Tennisanlag an der Wisestrooss. Wéi ass dat méiglech ?

D'Léisung heescht **„Traglufthalle" , „dôme d'air"** oder einfach **„Ballon"** ! Wéi dir hei op dëse Fotoe gesitt, gëtt eng Struktur mat Loft gefëllt an iwwert eis 2 synthetesch Terrainen opgebaut/opgeblosen. An der Hal herrschen agreabel Bedingunge fir den Tennissport och am Wanter, bei Reen, Wand a Schnéi kënnen ze praktizéieren.



Well den Zoulaf fir dës Infrastruktur net kléng wäert sinn, kënnt dir iech elo schonns äeren TCM-ARENA-Abonnement 2021/2022 zum eemoleg reduzéierte Präis (-10%) sécheren. D'Offer gëllt bis den 1.September 2021. Den Dag vun der Iwwerweisung gëllt hei. Duerno applizéiere mir den normalen Tarif wéi en hei ënne steet.

**MEMBERSHIP 2021 (15. April 2021 – 14. April 2022)**

| | | | |
|---|---|---|---|
| Éieremember | 25 € | Kanner & Jugendlécher (3-18 Joer) | 30 € |
| Studenten (>18 Joer) | 45 € | Erwuessener | 110 € |
| Familienabo | 200 € | Kautioun pro Badge | 40 € |

Dëse Bäitrag gëllt jeweils fir d'Summersaison plus d' Wantersaison. Leit, déi fir de Summer 2021 schon eng Memberskaart haten, brauchen da fir d'Wantersaison näischt méi ze cotiséieren.

**ABONNEMENT TCM-ARENA → 250 € - 400 €** fir d'Wantersaison (Oktober 2021 – Abrëll 2022)

| BRONZE 250€ | SILVER 300€ | GOLD 340€ | PLATIN 400€ |
|---|---|---|---|
| 1 fest Stonn pro Woch | 1 fest Stonn pro Woch | 1 fest Stonn pro Woch | 3 Reservéirungen (à 1h) pro Woch |
| 8.00 – 12.00 | 12.00 – 17.00 | 17.00 – 22.00 | 8.00 – 22.00 |

*Wann s du z.B all Woch reegelméisseg méindes moies vun 10 - 11 h een Terrain reservéiere wëlls, da kascht dat 250 € fir déi ganz Wantersaison.*

**Fir di PUNKTUELL RESERVATIOUN vun der TCM-ARENA gëlle folgend Tariffer**

*(-> Zahlung erfolgt über die Homepage tcmersch.lu )*

MEMBER + MEMBER: 15 € / 60'

MEMBER + NET-MEMBER: 25 € / 60'

Des Weidere si mir houfreg, dass mir eise Kanner a Jugendlechen et kënnen erméiglechen, hire Sport weiderhin zu Miersch ze praktizéieren, well den Training integral an dëser fonkelneier Hal stattfanne wäert, egal wéi d'Wieder ass! **Eist Clubhouse ass iwwert d'Wantersaison op**.



**TRAINING mat engem brevetéieren Trainer vun TENNIS SOLUTION (Oktober '21 – Abrëll '22)**

| | Mini-Tennis **3-5** Joër (séance zu max. 12) | Tennisschoul **6-17** Joër | Tennistraining **18-81** Joër |
|---|---|---|---|
| **60'** / Woch | 180 € + 40 € Hal | 290 € + 90 € Hal | 340 € + 90 € Hal |
| **90'** / Woch | / | 430 € + 120 € Hal | 510 € + 120 € Hal |

! Ausser Chrëschtvakanz, Fuesvakanz a Feierdeeg !